PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un déi Häre Ministere vum Ëffentlechen Déngscht, Bannenzeg Sécherheet an Aarbecht weiderzeleeden.

Am Lëtzebuerger Journal vum 11. Dezember 2018 schreift den Här Pascal Ricquier vun enger feelerhafter Ëmsetzung vum Staatsbeamtestatut bei der Police Grand-Ducale. D'Gesetz léisst hei anscheinend grouss Lücke wat déi reell Schaffzäite vun de Agenten ugeet. Esou existéieren zum Beispill keng Reegelunge fir Nuetsschichten a Sonndeger, wat bedeit dass d'Agenten an engem illegale Kontext hiren Déngscht verriichten.

An dësem Kontext wëll ech den Häre Ministere folgend Froe stellen:

- Kënnen déi Häre Ministeren eis confirméieren, dass déi Gesetzeslücken existéieren?
- Am Fall vun enger affirmativer Äntwert zu der vireger Fro, wat fir Konsequenzen huet dës Gesetzeslück op d'Organisatioun vun der Police geméiss der « Loi du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale »?
- Op d'Äntwert vun der vireger Fro bezunn, wat sinn d'Konsequenze fir déi national Sécherheet?
- Wéi gëtt d'Ausbezuelung vun de Majoratiounen, zum Beispill fir Sonndeger a Nuetsschichten, gereegelt?
- Ënnert wéi ee Gesetz oder Reglement fält d'Ausbezuelung vun de majoréierte Stonnen?
- Wéi gesäit d'Prozedur aus am Fall vun engem Aarbechtsaccident wärend de Stonnen, déi ausserhalb deem am Gesetz festgeluechte Stonne léien?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Deputéierten